

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

M. Claude Wiseler, Président

p. 41

2. 7479B – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 30 novembre 2022 relative à la concurrence

p. 41

Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme : M. Guy Arendt

Discussion générale : Mme Octavie Modert (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) | M. Claude Haagen | M. Franz Fayot (parole pour fait personnel) | M. Tom Weidig | M. François Bausch | M. Sven Clement (dépôt de la motion 1)

Prise de position du Gouvernement : M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7479B et dispense du second vote constitutionnel

Motion 1 : M. Sven Clement (intervention de M. Marc Goergen) | M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | M. Franz Fayot (intervention de M. le Ministre Lex Delles) | M. François Bausch (intervention de M. Marc Goergen) | M. David Wagner

Vote sur la motion 1 (rejetée)

3. 8254 – Projet de loi portant modification : 1° de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective ; 2° de la loi modifiée du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce ; 3° de la loi modifiée du 2 septembre 2011 portant réorganisation de la Chambre des Métiers

p. 44

Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme : Mme Carole Hartmann

Discussion générale : Mme Octavie Modert | M. Claude Haagen | M. Tom Weidig | M. François Bausch | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8254 et dispense du second vote constitutionnel

4. 8262 – Projet de loi relative à la construction d'une école européenne à Junglinster

p. 45

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Corinne Cahen

Discussion générale : M. Emile Eicher | Mme Francine Closener | M. Jeff Engelen | M. François Bausch | M. Marc Goergen | M. David Wagner

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8262 et dispense du second vote constitutionnel

5. 8332 – Projet de loi relative à de nouvelles constructions pour le lycée de Bonnevoie

p. 47

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Corinne Cahen

Discussion générale : Mme Corinne Cahen | M. Marc Lies | Mme Francine Closener | M. Jeff Engelen | M. François Bausch | M. Marc Goergen | M. David Wagner

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8332 et dispense du second vote constitutionnel

6. Motion de Mme Joëlle Welfring relative à l'accélération des efforts dans la lutte contre la crise climatique

p. 50

Exposé : Mme Joëlle Welfring

Discussion générale : M. Christophe Hansen | M. Luc Emering | Mme Claire Delcourt | M. Jeff Engelen | M. Ben Polidori (intervention de M. Sven Clement) | M. David Wagner | M. François Bausch | M. Fernand Kartheiser (intervention de M. François Bausch)

Vote sur la motion modifiée (adoptée)

7. Motion de M. Paul Galles relative à la mise en œuvre au plus vite des mesures prévues par le PNEC et poursuite des efforts afin d'atteindre les objectifs définis dans l'Accord de Paris, ainsi que de l'engagement au sein de l'UE pour garder une politique ambitieuse en matière de réduction des gaz à effet de serre

p. 52

Exposé : M. Paul Galles

Discussion générale : Mme Claire Delcourt | M. Fred Keup (interventions de M. Marc Goergen) | Mme Joëlle Welfring | M. Luc Emering | M. Ben Polidori | M. David Wagner | M. Fred Keup

Prise de position du Gouvernement : M. Serge Wilmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

Vote sur la motion modifiée (adoptée)

8. Motion de M. Franz Fayot relative à la transition rapide de la place financière luxembourgeoise vers une finance conforme aux objectifs climatiques

p. 55

Exposé : M. Franz Fayot

Discussion générale : M. André Bauler | M. Tom Weidig | M. Christophe Hansen | Mme Joëlle Welfring | M. Ben Polidori | M. David Wagner (interventions de M. Fred Keup) | M. Franz Fayot | M. Tom Weidig

Prise de position du Gouvernement : M. Serge Wilmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

Vote sur la motion modifiée (adoptée)

9. Motion de M. Franz Fayot relative à la soumission écrite auprès de la Cour internationale de Justice en faveur de la reconnaissance d'un principe climatique intergénérationnel

p. 57

Exposé : M. Franz Fayot

Discussion générale : M. Christophe Hansen | M. Guy Arendt | M. Fernand Kartheiser | M. Ben Polidori | Mme Joëlle Welfring | M. Franz Fayot

Prise de position du Gouvernement : M. Serge Wilmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

Vote sur la motion modifiée (adoptée)

Présidence : M. Claude Wiseler, Président

Au banc du Gouvernement : M. Lex Delles, Mme Yuriko Backes et M. Serge Wilmes, Ministres

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Claude Wiseler, Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

2. 7479B – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 30 novembre 2022 relative à la concurrence

Mir fänken d'Sëtzung vun de Mëtte mam Projet de loi 7479B un, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert

d'Konkurrenz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet zéng Minutten, all d'Fraktiounen an d'Sensibilitéiten hu fënnf Minutten, d'Regierung huet zéng Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Octavie Modert, d'Madamm Paulette Lenert, den Här Tom Weidig, den Här François Bausch an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme

M. Guy Arendt (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister,

de Gesetzesprojet 7479 gouf am September 2022 vun der Kommissioun an zwee Voleten opgedeelt, dat nodeem de Conseil d'État eng Opposition formelle ausgedréckt hat a mir keng Zäit méi wollte verléieren: eng Kéier d'Gesetz 7479A, wou et ëm d'Konkurrenz geet, dat Enn 2022 a Kraaft getrueden ass, an dann de Gesetzesprojet, iwwert dee mer haut ofstëmmen, de 7479B, deem d'Fixatioun vun de Präisser unhand vun engem Règlement grand-ducal betrëfft.

De Gesetzesprojet 7479B gesäit vir, den Artikel 3 vum Gesetz iwwert d'Konkurrenz ze ergänzen, well deem Text dem Staatsrot an deem Sënn ze vag an onprezis ass. Deemno wier en och net mam Prinzipp vum fräien Handel kompatibel, wat, Dir wësst et, laut

onser Verfassung eng Matière réservée à la loi ass. De Staatsrot hat dofir gefuerdert, datt déi ekonomesch Secteuren an och d'Outilen, déi de Pouvoir réglementaire benotze kann, kloer définiert solle ginn.

Dëse Gesetzesprojet soll de Kader festleeën, an deem d'Regierung kann intervenéieren, fir an engem Noutfall d'Präisser ze fixéieren. Am Fall vun onerwaarten an extraordinäre Situatiounen, wéi zum Beispill der Covidkris oder dem Krich an der Ukrain, déi en Impakt op d'Präisser oder och d'Disponibilitéit vu verschiddene Produiten oder Servicer kënnen hunn, déngt dës Optioun als eng Zort Sécherheetsnetz fir d'Regierung.

Et ass dann am Text och e Kontrollmechanismus virgesinn. D'Autorité de la concurrence muss consultéiert ginn, éier e Règlement grand-ducal iwwerhaupt ka geholl ginn, an déi maximal Dauer vun engem Règlement gëtt op sechs Méint fixéiert.

Den Text gesäit dann och vir, dass en ëffentlecht Awierken um Niveau vun de Präisser just da justifiéiert ass, wann et dem allgemengen Interessi déngt. Dëst wier de Fall, fir de Schutz vun de Verbraucher an den Destinataires de service ze garantéieren, fir enger Concurrence déloyale entgéintzewierken, fir d'Ziler vun der ëffentlecher Gesondheet ze schützen, fir d'sozial Uerdnung bäizebehallen a fir de finanziellen Equilibre vum System vun der Sécurité sociale ze erhalten. Finalement müssen dës Interventiounen dann och néideg sinn an d'Prinzipie vun der Non-discrimination an och vun der Proportionalitéit solle respektéiert ginn.

Här President, Léif alleguerten, de Staatsrot huet säin Avis den 13. Juli d'lescht Joer ginn. Vun der héijer Kierperschaft gouf et eng Opposition formelle beim Artikel, deen d'Instrumenter bestëmmt, vun deenen ee ka Gebrauch maachen, fir Präisser ze fixéieren. De Staatsrot huet fonnt, dass d'Formulatioun, ech zitieren, „des instruments tels que“ ze vag wier an dem Grand-Duc géif eng vill ze grouss Fräiheet loossen. Well et sech ëm eng „matière réservée à la loi formelle“ handle geif, misst de Pouvoir exécutif kloer a prezis encadréiert ginn, fir all „pouvoir discrétionnaire absolu“ säitens der Administratioun ze verhënneren. An dësem Sënn huet de Staatsrot eng Proposition de texte gemaach, déi d'Kommissioun an hirer Reunioun vum éischte Februar vun dësem Joer esou och ugeholl huet. Esou war d'Opposition formelle opgehuewen.

Fir weider Detailer zum Fong an och dem Avis verweisen ech op de schrëftleche Rapport a ginn heimadder den Accord vu menger Fraktioun an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Arendt villmools Merci fir säi schrëftlechen a fir säi mündleche Rapport.

An déi éischt ageschriwwene Riednerin ass déi honorable Madamm Octavie Modert. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Octavie Modert (CSV) | Villmools merci, Här President. Hei ass effektiv dat lescht Element vun deem Gesetz, datt schoonn a Kraaft ass. Et geet drëms, de Pouvoir réglementaire vun der Regierung ze encadréieren an dat ass dann hei och op sechs Méint ze begrenzen. Et ass wéi bei den Noutstandsgesetze, déi virun iwwer 25 Joer och ageengt an ëmraamt gi sinn an der Zäitspann an an den Ausmoossen. An och eis nei Verfassung gesäit an hirem Artikel 48 iwwert den État de crise e strenge Corset vir, an deem d'Regierung kann handeln ouni d'Interventioun vun der Chamber an ouni datt e Gesetz gemaach gëtt.

Et geet drëm – an dat ass wichteg –, datt d'Chamber hir Kontrollfunktione kann ausüben an net op onbegrenzten Zäit kee Gesetz do ass. An dofir gëtt CSV-Fraktioun hiren Accord. Et gëtt nun emol aussergewöhnlech Situatiounen, wou séier muss kënnen gehandelt ginn, wat besonnesch a Fäll vun internationale Krisen muss méiglech sinn. Mee et ass kloer: Dat muss sech op exceptionnel an dréngend Fäll beschränken an an der Zäit begrenzt bleiwen. Duerno muss de Legislateur intervenéieren.

Dëst Gesetz gesäit elo a senger leschter Fassung prezis Konditiounen a Mechanisme vir, éier d'Regierung Moosnamen huele kann. De Rapporteur Guy Arendt – merci fir säi gudde Rapport – huet se opgezitt. Dat war och dem Staatsrot seng Suerg, well et sech hei ëm eng Matière réservée à la loi handelt.

Den Här Fayot, deen d'Ursprungsgesetz als Minister deposéiert hat, huet gesot, dat wär e politeschen Avis vum Staatsrot. A wéi engen Hypothese wollt Dir dann, Här Fayot, dës reglementaresch Méiglechkeeten aktivéieren, datt Der zu där doter Meinung komm sidd? Vlächst sot Der eis herno e Wuert dorüwer.

An ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeit.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Modert.

(Brouhaha)

An da ginn ech elo dem Här Claude Haagen d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Si mer haut an der Froestonn?

(Hilarité)

M. Claude Haagen (LSAP) | Merci, Här President. Här President, dat heissen ass dat lescht Puzzlestéck zum Konkurrenzrecht an et ass, wéi d'Virriedner et scho gesot hunn – de Rapporteur och –, e wichtegt Instrument a Krisenzäiten, fir zum Beispill d'Maartwirtschaft ze reglementéieren, an dat am Sënn vun eiser Gesellschaft. Dat huet déi lescht Pandemie gewisen an dofir ass et och wichteg, datt d'Chamber no sechs Méint och do muss gefrot ginn, wann esou eng Mesur ergraff gëtt, natierlech och no der Consultatioun vun der Autorité de concurrence. Ech mengen, d'Chamber, dat huet se gewisen an der leschter Pandemie, ka ganz séier och reagéieren, wa mer an esou engem Fall sinn. Dofir gi mir natierlech als LSAP-Fraktioun och hei den Accord.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Haagen. Vu datt den Här Fayot virdrun direkt ugesprach ginn ass, kann hien natierlech och Stellung huelen dozou. Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Merci. Merci, Här President. Jo, Fait personnel. Effektiv ass dat Gesetz jo net am lofleere Raum entstanden. Mir haten eng Pandemie, wou mer vill Problemer hate mat verschiddene Präisser. Ech erënneren nëmmen un d'Masken, déi eng Zäit net erbäikomm sinn oder déi ze vill deier waren. Mir haten duerno eng Kris mat der Energie, wou et och vill ëm d'Präisser gaangen ass. An an deene Krisenkontexten kënne mer eebe Situatiounen hunn, wou et duerchaus utile ass a wichteg ass, dass eng Regierung och d'Méiglechkeet kritt, fir bei de Präisser ze intervenéieren, déi sech dann dee Moment net normal fixéieren.

An ech hunn datt gesot mam Staatsrot, well ech effektiv och an Diskussiounen mat hinnen, déi ech als Minister gefouert hunn, wierklech d'Impressioun hat, dass do eng dach relativ dogmatesch Approche par rapport zum Principe de liberté du commerce et de

l'industrie do war, déi dat dote mordicus refuséiert huet. An dofir hate mer do effektiv e bëssen e Bras de fer. An ech si frou, dass mer schlussendlech déi Solution do fonnt hunn, déi mer elo fonnt hunn, fir dat do awer ze erméiglechen, well, wéi gesot, mir hunn eng ganz Partie Krisen kannt. Et komme sécher nach anerer an et gëtt leider, mengen ech, déi nei Normalitéit, dass mer heiansdo Präisser hunn, déi sech net normal fixéieren op engem normal funktionéierende Maart.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. Dann ass elo d'Wuert fir den Här Tom Weidig. Här Weidig.

M. Tom Weidig (ADR) | Merci, Här Chamberspräsident. Ech proposéieren och menger Fraktioun, dës Projet de loi ze stëmmen. Wann een an Ausnahmesituatiounen ass, wann een eppes ännert an der Regierung eng extra Gewalt gëtt, gëtt et natierlech ëmmer d'Méiglechkeet, datt do Messbrauch gemaach gëtt. Mee mir müssen der Regierung do vertrauen. An ech fannen et och wichteg, datt am Gesetz drasteet, datt op d'mannst d'Autorité de concurrence do eng Kéier consultéiert gëtt an dat och nëmme fir sechs Méint ass. Dofir si mir averstanen, dat ze stëmmen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Weidig. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här François Bausch. Här Bausch.

M. François Bausch (déi gréng) | Merci, Här President. Ech maachen et kuerz: Ech bréngen d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bausch. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech maachen et e bësse manner kuerz wéi mäi Virriedner. Och wann et hei u sech just ëm den zweeten Deel vum Gesetzestext zur Konkurrenzautoritéit geet, sou geet et hei ëm Präisdeckelen. Beispiller goufe genuch genannt. Et ass wichteg, datt mer déi Decisiounen kënnen huelen an datt mer eng Base légale hunn, fir se kënnen ze huelen, well soss fanne mer eis erëm a Situatiounen, déi mer an der Vergaangenheet kannt hunn a wou mer u sech net ëmmer ganz glécklech ware mat de Léisungen.

Wéi mer am November 2022 den éischten Deel vun deem Gesetz hei ugeholl hunn, hu mer eis derfir staark gemaach, datt d'Konkurrenzautoritéit och soll kënnen Fusiounen kontrolléieren. Mir haten eis, esou wéi d'ALEDC, fir eng Konkurrenzkontroll virun de Fusiounen ausgeschwat. An eis Nopeschlänner hunn ewell sou Systemer, just Lëtzebuerg verléisst sech do exklusiv op Bréissel. Mir kënnen eis awer hei net nëmmen op den europäesche Mechanismus verlossen, dee vill ze spët a bei vill ze grouse Firms gräift. En Agräifen an de Marché an den Equilibre tëscht Offer an Demande gëtt et net eréischt ab engem Chiffre d'affaires mondial vun iwwer 5 Milliarden. En Auschiele vum dem fräie Marché gëtt et op allen Niveaue. Dat kënne kleng PMEn oder de Staat sinn, gradewéi Multinationallen. De Contrôle ex ante ass dofir wichteg. Mir brauchen deen och zu Lëtzebuerg. Frankräich, Däitschland an d'Belsch hu scho méi laang esou Kontrollen.

A wa mer de Projet zum Konkurrenzrot haut iwwert d'Bün kréien, muss muer ugefaange ginn, an esou engem Ex-ante-Kontrollmechanismus ze schaffen. Et ass ëmmer méi einfach, fir virun enger Fusioun ze intervenéieren, wéi spéider ze versichen, duerch Strofen d'Firmen ausereneenzekréien. Dofir hunn ech eng Motioun matbruecht, Här President. Wannechgelift.

Motion 1

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest,

– dass d'Konkurrenzautoritéit 2022 mam *Projet de loi 7479A* zu engem *Établissement public* ginn ass an d'*Méiglechkeet* kritt huet, fir sech an *Dossieren* ze *autosaiséieren*;

– dass et an eisen *Nopeschlänner* scho verschidde *Ver-sioune* vun enger *Konzentratiounskontroll* (*contrôle de concentration*) gëtt. Zum Beispill a *Frankräich* huet déi *zoustänneg Autoritéit d'Méiglechkeet*, de *beträffene Firmen* *Ännerungen* an hirer *Fusioun* ze *imposéieren*;

– dass op *EU-Niveau* eréischt eng *Konzentratiounskontroll* gemaach gëtt, wann de *gesamten Émsaz*, dee vun *alle be-träffene Firmae* gemaach gouf, *méi wéi 5 Milliarden Euro* betrëfft an den *Émsaz*, deen an op d'mannst 3 *EU-Län-ner* gemaach gouf, *méi wéi 250 Milliounen Euro* betrëfft, esoufern keng vun de *beträffene Firmae* *méi wéi zwee Drëttel* vun hirem *gesamten Émsaz* an der *EU* an engem *eenzege Land* mécht.

Aus dese *Grënn* invitëiert d'Chamber vun den Deputéieren d'Regierung,

– eng *Gesetzespropos* auszeschaffen, fir dass d'Konkurrenzautoritéit sech an *Zukunft* *autosaiséieren* an eng *Konzentratiounskontroll* *ex ante* hei zu *Lëtzebuerg* kann *duerchféieren*.

(s.) *Sven Clement*.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | A *Frankräich* huet zum Beispill d'*Autoritéit d'Méiglechkeet*, de *beträffene Firmen* *Ännerungen* un hirer *Fusioun* ze *imposéieren*. D'*Fusioun* ginn also net *ënnerbonnen*, se gi just *ugepasst*, soudatt de *Risiko* vun der *Maartmanipulation* *méi kleng* gëtt. An dese *Prozeduren* an eisen *Nopeschlänner* gi séier *vustatten*. An der *Belsch* geet dat an engem *Mount*, an *Däitschland* kann dat maximal *fënnf Méint* daueren. An eisen *Nopeschlänner* geet et also. Firwat net zu *Lëtzebuerg*?

2022 hu mer schonn drop *opmierksam* gemaach, dass dat zum Beispill bei *Cafetieren*, jo, u sech bei *Béiers-produzenten* de *Fall* kéint sinn, wou jo och de *Conseil de la concurrence* schonn 2019 drop *higewisen* huet. Dat, wat fir d'*Produzente* gëllt, kéint jo och fir d'*Distributeure* gëllen. Majo, léif *Kolleeginnen* a *Kol-leegen*, dat gesi mer dann elo, wann dat dann *ex post* muss *analyséiert* ginn an net *ex ante*, well *fënnf Joer* drop huet sech *näischt geännert*. Et brauch een eng *Konkurrenzsituatioun* a keng *Konkurrenzsimulatioun*. Et brauch een eng *funktionell* a *performant* *Konkurrenzautoritéit*, déi d'*Rechter* vun de *Konsumenten* an de *Firmen* um *fräie Marché* schützt. Dat hu mer mam *Projet* scho gemaach. Dat heiten ass elo eng *weider Brique*. Et wäert eng *begrenzte Brique* sinn, an *dofir denke* mer, dass et hei nach *weider muss* dru schaffen.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Domat wär d'*Lëscht* vun den *ageschriwwene Riedner* ofgeschloss.

An dann hätt d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Merci villmools, Här President. Ech wëll just nach eng *Kéier jiddwerengem* Merci soe fir déi *grouss Zoustëmmung* hei. Ech mengen, dass ass e ganz *wichtige Pilier* an dass et och déi *richteg Decisioun* war zu deem *Moment*, dass *Gesetz* ze *splécken*, well mer *eeben* am *Kader* vun enger *Infraktioun* hei scho waren, *dofir* deen *Deel* scho konnt ofgeschloss ginn an hei *eeben* de *Pouvoir*

réglementaire *eenzel* *behandelt* ginn ass, fir e *Präis* ze *limitéieren*. Et ass och ganz *wichtig*, dass een d'*Liberté de commerce* net *blockéiert*. Hei mécht een dat *awer punktuell* an *dofir* muss dat och ganz *kloer* *agegrenzt* ginn. *Dofir* souwuel mat den *Autoritéiten*, déi et *kontrolléieren*, wéi *awer* och déi *sechs Méint* *Limitatioun*, déi dran ass, *soudass* hei e *weidert Stéck* also ass, fir *wierklech* a ganz *speziellen Zäiten*, ganz *limitéiert*, *ënner* *Kontroll* *kënnen* hei der *Regierung d'Méiglechkeet* ze ginn, e *Präis* ze *fixéieren*.

Leider kann ee *Beispiller* hei nennen. Den Här *Fayot* huet *gesot*: während dem *Covid* de *Präis* vun de *Masken*, de *Präis* vun *deene Gellen*, déi een hat, fir sech d'*Hänn* ze *desinfizéieren*, déi op *eemol* *explo-déiert* sinn. Dat si *Beispiller*, déi een an der *Vergaangen-heet* gesinn huet. Soss sinn där *Saachen* *awer* *normalerweis* net. Esou eppes soll also *ënner* ganz *exceptionelle* *Konditiounen* *kënnen* *geschéien*.

Just zu der *Ried* vun Här *Clement*: Ech mengen, Dir *schwätzt* zu engem *anere* *Projet de loi*, dee schonn *deposéiert* ginn ass. Leider hutt Der *näischt* zu deem *heite* *Projet de loi* *gesot*. De *Contrôle de concentration* ass schonn am *Summer* *deposéiert* ginn. Deen ass och schonn an der *Kommissioun* *diskutéiert* ginn, *soudass* déi *Aarbecht* also scho gemaach ass. An ech mengen, dass mer och an der *Kommissioun* zu deem *Projet*, wéi e *verlääst*, *diskutéiere* sollen an net hei zu engem *Projet de loi*, deen am *Fong* *näischt* *domat* ze *dinn* huet.

Merci villmools.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Domat ass d'*Diskussioun* zu dësem *Projet de loi* dann ofgeschloss.

Mir kommen zur *Ofstëmmung* *iwwert* de *Projet de loi 7479B*. Den *Text* steet am *Document parlementaire 7479B*.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7479B et dis-pense du second vote constitutionnel

D'*Ofstëmmen* fänkt elo un. De *Quorum* ass *erreecht*. *Vote par procuration*. An de *Vott* ass ofgeschloss.

Jo-Stëmmen: 60, Nee-Stëmmen: 0, an *Abstentionen* dann och: 0. An dese *Gesetzestext* ass also mat 60 *Jo-Stëmmen* *unanime* *ugeholl*.

Ont voté oui: Mmes *Diane Adehm*, *Nancy Arendt épouse Kemp*, *Mmes Maurice Bauer*, *Jeff Boonen*, *Alex Donnersbach*, *Emile Eicher* (par *M. Laurent Mosar*), *Félix Eischen*, *Paul Galles*, *Christophe Hansen*, *Max Hengel*, *Mme Françoise Kemp*, *M. Marc Lies*, *Mmes Octavie Modert*, *Nathalie Morgenthaler*, *MM. Laurent Mosar*, *Marc Spautz*, *Charel Weiler* (par *M. Christophe Hansen*), *Mme Stéphanie Weydert*, *MM. Claude Wiseler*, *Michel Wolter* (par *Mme Nancy Arendt épouse Kemp*) et *Laurent Zeimet*;

Mme Barbara Agostino, *MM. Guy Arendt*, *André Bauler*, *Gilles Baum*, *Mmes Simone Beissel*, *Corinne Cahen*, *MM. Luc Emering*, *Fernand Etgen*, *Patrick Goldschmidt*, *Gusty Graas*, *Mmes Carole Hartmann*, *Mandy Minella*, *Lydie Polfer* (par *Mme Corinne Cahen*) et *M. Gérard Schockmel*;

M. Dan Biancalana, *Mmes Taina Bofferding*, *Liz Braz* (par *M. Yves Cruchten*), *Francine Closener*, *M. Yves Cruchten*, *Mme Claire Delcourt*, *MM. Mars Di Bartolomeo*, *Georges Engel*, *Franz Fayot*, *Claude Haagen* et *Mme Paulette Lenert* (par *Mme Taina Bofferding*);

MM. Jeff Engelen, *Fernand Kartheiser*, *Fred Keup*, *Mme Alexandra Schoos* (par *M. Jeff Engelen*) et *M. Tom Weidig*;

MM. François Bausch, *Meris Sehovic* (par *M. François Bausch*), *Mmes Sam Tanson* et *Joëlle Welfring*;

MM. Sven Clement, *Marc Goergen* et *Ben Polidori*;

MM. Marc Baum (par *M. David Wagner*) et *David Wagner*.

Freet d'Chamber d'Dispens vum *zweete* *Vote* *constitu-tionnel*?

(Assentiment)

Dann ass dat *esou* *decidéiert*.

Motion 1

Elo hu mer nach eng *Motioun* vum Här *Sven Clement* do leien. Ech hoffen, dass Der déi *alleguer* *ausgedeelt* *krut*, well wann Der se net *ausgedeelt* *krut* an net *hutt*, da *kënnen* mer *natierlech* *kloerweis* net *driwwer* *schwätzen*. Dir kritt se also elo am *Schnellverfahren* *ausgedeelt*.

M. Marc Goergen (Piraten) | Si *kënnen* einfach *Jo* *ofstëmmen*.

M. Claude Wiseler, Président | Här *Clement*, ech ginn Iech *emol* d'Wuert. Wëllt Dir nach *kuerz* *dozou* *Stellung* *huelen*?

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, merci, Här *President*. U sech ass just ee *klenge* *Saz*, deen, mengen ech, *wichtig* ass, och wann de *Minister* jo schonn zum *Deel* eppes *dozou* *gesot* huet. Et geet eis *drëm*, dass sech d'*Konkurrenzautoritéit* an *Zukunft* kann *ex ante*, also *virun* enger *Fusioun*, *autosaiséieren*, fir sech *drëm* ze *këmmern*. Dat *hunn* ech *zumindest* an där *Form* bis elo net *gelies* *gehat* an den *Texter*, déi d'*Regierung* *deposéiert* huet. Falls sech dat sollt *er-iwwregen*, da kann ech ganz *gutt* *domadder* *liewen*, mee ech sinn op alle *Fall* der *Meenung*, dass mer bei enger *Ex-ante-Kontroll* *mussen* *erauskommen*, wou och d'*Autoritéit* sech *selwer* ka *saiséieren*, well soss *musse* mer *ëmmer* *drop* *waarden*, dass *iergendeen* *aneren* *Acteur* se *saiséiert*, an dann *dauert* et *ëmsou* *méi* *laang*. *Dofir* déi *heite* *Motioun*.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här *Clement*. Elo *haten* d'*Leit* *Zäit*, fir *kuerz* d'*Motioun* ze *liesen*, an ech ginn dem Här *Minister* d'Wuert, deen et *gefrot* huet.

M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Jo, merci villmools. Ech mengen, dass *grad* *eeben* d'*Stärkt* *un* deem *Gesetz*, wéi et *deposéiert* ginn ass, vum *Projet de loi*, ass, dass soll *virdu* *kontrolléiert* ginn, well et kéint *Situatiounen* ginn, an et *gesäit* een am *europäesche* *Kontext*, dass et dat a *verschiddene* *Länner* scho *gouf*, dass eng *Fusioun* gemaach ginn ass an *duerno* *decidéiert* ginn ass, dass se *muss* *réckgäenge* gemaach ginn, wat eng ganz *schwéier* *Situatioun* ass fir déi *Sociétéit*, déi dat da gemaach huet. Dat muss *virdu* gemaach ginn, wat och am *Projet de loi*, sou wéi en am *Summer* *deposéiert* ginn ass, *virgesinn* ass.

D'*Autosaisine*, dass ass eng *aner* *Fro* – et sinn also *zwee* *Elementer*, déi Der dran *hutt* –, och do muss ee *kën-nen* *driwwer* *diskutéieren*, mee et ass ganz *kloer*, dass d'*Regierung* am *Koalitiounsaccord* *stoen* huet, dass se dat do *Gesetz* wäert *iwwerschaffen*, *kucken*, wou *Upassung* *musse* gemaach ginn. Also mengen ech, dass Der zu dësem *Moment* der *Regierung* net *musst* den *Optrag* ginn, fir eppes ze *maachen*, wat se *souwi-sou* am *Koalitiounsprogramm* *virgesinn* huet a wat op där *aner* *Säit* *souwisou* schonn *deposéiert* ass.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här *Minister*. Sinn nach *aner* *Wuertmeldungen* zu dëser *Motioun*? Dat ass net de *Fall*. Dann ...

(Interruption)

Här *Fayot*, wollt Dir ...? Ganz *gär*, Dir *musst* et just *soen*.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, ech gesinn et *effektiv* *änlech* wéi de *Lex Delles*. Ech *hunn* dee *Projet de loi*

do deposéiert fir de Contrôle de concentration, well mer effektiv dat eenzegt Land sinn an der Europäescher Unioun, dat dat nach net huet. Souguer déi ganz kleng ..., aner kleng europäesch Länner hunn dat an ech hunn ëmmer fonnt, dass dat eis net gutt géif zu Gesiicht stoen an dass mer och effektiv an dem Land awer trotzdem e bëssen eng Situatioun hate vu verschiddene Secteuren, wou mer ganz staark Konzentratiounen hunn, dass mer eis dat Instrument sollt ginn, fir effektiv och ze kucken, dass et do keng Abuse géif ginn, déi een ëmmer constatéiert, wann et esou Konzentratiounen gëtt. An dofir gesinn ech am Fong och elo net direkt de Rapport zwëschent dem Mechanismus fir d'Fixatioun vun de Präisser an deem vun der Konzentratioun.

Ech si par ailleurs awer frou ze héieren, dass dee Projet de loi do weiderbruecht gëtt an dass deen nach wie vor vun där neier Regierung dann och hoffentlech en l'état gedroe gëtt.

M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Dat gëtt gemaach!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. Elo hunn ech nach eng Wuertmeldung vum Här Bausch. Här Bausch.

M. François Bausch (déi gréng) | Jo, Här President, mir stëmmen déi Motioun mat, well ech verstinn och net esou richtig, firwat mer elo hei diskutéieren. Den Här Clement huet hei eng Motioun gemaach, wou en am Fong d'Regierung opfuert, eng aner Proposition de loi auszeschaffen, déi sech mat där Fro vun dem Contrôle ex ante beschäftegt. Dat ass jo nëmmen eng Opfuertung un d'Regierung. Wou ass elo de Problem hei, datt mer dat elo dowéinst hei ofleenen?

(Interruption)

Gelif?

(Interruption)

Nee, net an där Form wéi den Här Clement dat gesot huet. Ech sinn zwar do mat em averstan. Mir hate jo och elo rezent e Beispill. Duerfir ...

M. Marc Goergen (Piraten) | Et ass keng Auto-saisine!

M. François Bausch (déi gréng) | Duerfir sinn ech der Meenung, datt déi Motioun hei schonn hir Berechtigung huet an datt een déi och sollt stëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bausch. Den Här Wagner huet nach d'Wuert gefrot.

M. David Wagner (déi Léng) | Jo, merci, Här President. Ech gesinn dat u sech och esou wéi den Här Bausch: Mir schwätzen do vun zwou verschiddene Saachen. D'Regierung seet, si wéilt d'Gesetz iwwert d'Konkurrenzopsicht och nach revidéieren. An der Rei, mee dat heiten ass eng kloer Opfuertung. Mir kruten déi Motioun zwar ganz séier elo, mee si ass relativ einfach ze verstoen. De Sënn vun der Motioun ..., dat heescht, et ass schonn eng politesch Opfuertung un dës Regierung. An deem Sënn, menge mer, musse mer se matdroen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Ech gesinn elo keng weider Wuertmeldung zu deem Sujet. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert dës Motioun kommen.

Vote sur la motion 1

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. A Fin du vote.

9 Jo-Stëmmen, 50 Nee-Stëmmen. Dës Motioun ass also mat 50 Nee-Stëmme géint 9 Jo-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : M. François Bausch, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler (par M. Christophe Hansen), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Corinne Cahen) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferding) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Jeff Engelen) et M. Tom Weidig.

3. 8254 – Projet de loi portant modification:

1° de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective ;

2° de la loi modifiée du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce ;

3° de la loi modifiée du 2 septembre 2011 portant réorganisation de la Chambre des Métiers

An da komme mer zum zweete Punkt vum Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 8254, eng Ofännerung vun de Gesetzer vun de Berufsämmeren, fir hir Konformitéit mat der neier Verfassung ze garantéieren. D'Riedezäit ass hei och nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet zéng Minutten, déi jeeeweileg Fraktiounen a Sensibilitäten hu fënnf Minutten, d'Regierung huet zéng Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Octavie Modert, d'Madamm Paulette Lenert, den Här Tom Weidig, den Här François Bausch an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme

Mme Carole Hartmann (DP), rapportrice | Här President, léif alleguer, am Juli 2023 ass déi nei Verfassung a Kraaft getrueden. Dës huet de Chambres professionnelles e constitutionelle Rang attribuëiert, wat hire Pouvoir législatif an och hire Rôle am Kader vum Sozialdialog nach emol gestärkt huet. Mam neie Statutt vun de Chambres professionnelles mussen Upassungen a vereenzelten Texter, déi si concernéieren, gemaach ginn.

Den Ament gëtt et fënnf Chambres professionnelles, deenen hire Kader ënner anerem duerch déi folgend dräi Gesetzer definéiert ass: d'Gesetz iwwert d'Kreatioun vun de Chambres professionnelles à base

élective, d'Gesetz vun der Reorganisatioun vun der Chambre de Commerce an d'Gesetz iwwert d'Reorganisatioun vun der Chambre des Métiers. Déi dräi Gesetzer gesi fir, dass Erwuessener, déi ënner enger Tutelle stinn, bei de Walen an de Chambres professionnelles d'office vum Walrecht ausgeschloss ginn. Dës ass net en ligne mat der neier Verfassung.

Den Artikel 64 vun der Verfassung definéiert verschidde Krittäre bezüglech der Wielerschaft zu Lëtzebuerg. Fir kënnen ze wielen, muss een déi lëtzebuergesch Nationalitéit hunn a volljäreg sinn. Fir kënnen gewielt ze ginn, muss een zousätzlech Resident am Land sinn. D'Juridictiounen hunn d'Méiglechkeet, an de Fäll, déi per Gesetz definéiert sinn, engem dat aktivt a passivt Walrecht ze entzéien. De Legislatuer ass déi eenzeg Entitéit, déi dës Recht huet an déi dës Decisioun och ka vum Juge des tutelles kontrolléiere loosse.

Fir d'Konformitéit mat der Verfassung ze garantéieren, huet dës Gesetzesprojet als Zil, dräi Ännerungen virzehuelen:

Éischtens soll déi automatesch Exklusivitéit vun de sougenannte „majeurs sous tutelle“, wat hiren Droit de vote actif et passif betrëfft, ofgeschaaft ginn.

Dann ass och virgesinn, d'Loi organique vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers unzepassen, fir hinnen de Statutt vun der Chambre professionnelle ze ginn. Déi haten nämlech bis dato de Statutt vun engem Établissement public respektiv vun enger Personne morale de droit public.

Un drëtter Stell soll den Text, wou et ëm de Renouvellement vun der Chambre d'Agriculture geet, ugepasst ginn. Konkreet soll hei de Renvoi op e bestëmmten Joer aus dem Text gestrich ginn, fir dass den Text net muss all fënnf Joer ugepasst ginn. Dës erlaabt och den aktuelle Mandatair vum Collège des viticulteurs, vum Collège des agriculteurs a vum Collège des horticulteurs hir Aufgaben iwwert déi fënnf Joer eraus ze assuréieren, bis datt déi nei Mandatairen hir Fonctioun untrieden. Soumat ass och eng gewësse Kontinuitéit garantéiert.

D'Ekonomieskommissioun krut zu dësem Gesetzesprojet fënnf Avisen eran. Vum Staatsrot gouf et keng Opposition formelle. De Staatsrot huet allerdéngs bemierkt, dass den Artikel 64 vun der Verfassung u sech just déi legislativ Wale betrëfft an dass dofir net ganz d'Argumentatioun am Projet de loi suivéiert gëtt. De Staatsrot begréisst trotzdem dësen Text, well en erlaabt, d'Wale vun de Chambres professionnelles mam Prinzip vun der Non-Diskriminatioun ze vereenen, deem am Artikel 15 vun der neier Verfassung virgesinn ass.

D'Chambre de Commerce huet den Text allgemeng begréisst.

D'Chambre des Métiers fënnt, genau wéi de Staatsrot, dass keng Kontradiktioun tëschent dem Gesetz an der Verfassung besteet, well de Régime des tutelles vum Code civil an dem Nouveau code de procédure civile virgesi wär. Dës géif hinnen no bedeiten, dass d'Tutelle souwisou nëmmen vun engem Juge ka prononcéiert ginn an doduerch d'Konditiounen, déi vum Artikel 64 virgesi sinn, d'office erfëlle géif.

D'Chambre des Métiers ass awer d'accord dermat, dass een an d'Dispositiounen vun de Lois organiques vun de Chambres professionnelles afüügt, dass sech am Fall vun enger Tutelle de Juge des tutelles muss kloer zum Droit de vote prononcéieren. Och mécht d'Chambre des Métiers d'Remark, dass hir – an der Chambre de Commerce hir – Représentanten, déi an der Fonctioun entweder Chef d'entreprise oder Entrepreneur sinn, net vu Majeurs sous tutelle kënnen assuréiert ginn.